N° 7558
Entrée le 07.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Den Ëmweltministère huet den 13te Juli 2022 op Basis vum Naturschutzgesetz eng Autorisatioun ginn, déi de Bau vun engem Famillјenhotel am Dhoil zu Rodange erlaabt. Den Accord gouf ginn, no der Analyse vu folgenden Dokumenter an nom Avis vum Fierschter op der Plaz:

- Fauna-Flora-Habitat (FFH) - Verträglichkeitsprüfung für die Natura-2000-Zone LU0001028 Differdange Est-Prenzebierg/Anciennes mines et carrières vum Juli 2009 (Etüd Zeyen & Baumann);
- FFH-Prüfung Fledermäuse zum geplanten Bau eines Familienhotels in der Gemeinde Petingen aus dem Joer 2010 (Etüd Gessner);
- aktualiséiert Nott "Stellungnahme zur Einschätzungder artenschutzrechtlichen Betroffenheit von Fledermäusen" vum 15ten Oktober 2020 (Etüd Gessner).

D'Autorisatioun vun der Ministesch gesäit 2 Kompensatiounsmoossname vir: d'Opstelle vun enger eenheemescher Heck laanscht den Hotel souwéi d'Opmaache vun engem weidere Minièrestollen. Et gi vu Säite vun zwou Biergeriniativen awer Zweiwel, ob dës Moossnamen duer ginn, fir d'Déierewelt net ze beanträchtegen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Nom Naturschutzgesetz souwéi der eruopäescher FFH-Direktiv mussen Déieren, déi bedroht sinn, speziell geschützt ginn. An den Etüden vun 2009, 2010 an 2020, op déi sech d'Autorisatioun baséiert, ass kee Wuert iwwert déi Déierenaarten ze fannen, déi an der Annexe 4 vun der Direktiv stinn. Wat ass de Grond heifir?

2. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Methodik vun den Etüde vun 2009, 2010 an 2020 d'Krittäre vum "Leitfaden zur Berechnungsmethodik" vum Ökopunkte-System vum 19ten Abrëll 2019 erfëllt? Gouf de Punkt 2.3. "Faunistische Erhebung" bei den Etüden vun 2009 an 2010 no de Krittäre vun 2019 duerchgefouert?

3. Kann d'Ministesch garantéieren, dass d'Opstelle vun enger eenheemescher Heck duergeet, fir déi gefäerdet Fliedermauspopulatioune ze schützen? Kann d'Ministech ausschléissen, dass

soumadder de Bau vum Hotel een Impakt op d'Emwelt an d'Déieren wäert hunn?

4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass déi zweet Kompensatiounsmoossnam, d'Ëffnung vun engem weidere Stollen, d'Fliedermais wäert zousätzlech schützen, wann ee weess, dass schonn 3 Stollen op sinn an d'Stollen ënnertenee souwisou scho verbonne waren?
   Oder ass dës Moossnahm éischter als eng kleng, marginal Kompensatioun ze gesinn?

5. Wéi gouf der grousser Hufeisennues bei dëser Autorisatioun Rechnung gedroen, wëssend, dass dës Fliedermaus déif flitt (d'Hufeisennues flitt an dësem Fall net méi héich, wéi d'Héischt vum Hotel)?

6. Eng Schutzzon muss kënnen ootmen a brauch eng Pufferzon. Aktuell funktionéiert den Terrain, wou den Hotel soll drop kommen, als Pufferzon, eng sougenannten ECOTON-Zon, tëschent dem Bësch an dem "milieu ouvert". Mam neien Hotel gëtt déi Pufferzon elo méi kleng. Wäert dës Pufferzon nom Bau vum Hotel nach eng ECOTON-Zone bleiwen?

7. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Etüden, op deenen d'Autorisatioun getraff gouf, no den heitege wëssenschaftlechen Erkenntnisser nach aktuell ass?

8. Gouf bei der Autorisatioun just den Impakt vum Hotel gekuckt oder och dee vun der Bebauung vum beileienden Terrain, wou spéider ee Wellness-Resort soll drop stoe kommen, deen am Konzept vum Hotel opgefouert gouf?

9. Géif d'Autorisatioun, déi am Juli 2022 accordéiert gouf, no de Krittäre vum neien "Plan National concernant la Protection de la Nature (PNPN3)" nach eng Kéier esou aus ausgestallt ginn?

10. D'Liichtverschmotzung ass a kenger vun de viregen Etüden een Thema, gëtt awer als eng Prioritéit am PNPN3 opgefouert. Firwat goufen an der Autorisatioun keng Moossname géint d'Liichtverschmotzung getraff, wéi zum Beispill, dass op déieren- an insektefrëndlech Luuchten (Amberlights) gesat gëtt oder d'Beliichtung op verschiddene Säite vum Hotel reduzéiert muss ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten